**Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (12.01.2021)**

n° 3431

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 17:15, 12/01/2021

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

D'Luxemburger Wort beriffit sech haut op d'New York Times, fir ze mellen, datt den amerikanesche Bausseminister e Besuch zu Lëtzebuerg ofgesot hätt, well säi lëtzebuergeschen Homolog de President vun den USA e „Verbriecher" genannt huet.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Kann d'Regierung déi Neiegkeet aus der New York Times confirméieren? Wa jo, wéi beurteelt d'Regierung dës Entwécklung am Hibléck op déi amerikanesch-lëtzebuergesch Relatiounen?
2. Ass de lëtzebuergeschen Ambassadeur an den USA an de State Department convoquéiert ginn oder gouf et an iergend enger anerer Form en diplomatesche Protest vun den USA géint déi zitéiert Aussoe vum Lëtzebuerger Ausseminister?
3. Ass d'Regierung solidaresch mat den Aussoe vum Lëtzebuerger Ausseminister? Consideréiert d'Regierung den Här Trump als e „Verbriecher"?
4. Ass d'Regierung sech bewosst, datt keen anert europäescht Land an där Form op déi rezent Tëschefäll zu Washington reagéiert huet?
5. Ass d'Regierung der Meenung, datt déi Manéier, wéi de Lëtzebuerger Ausseminister dacks Positioun ergräift a sech ausdréckt, den Interessie vum Lëtzebuerger Land an der Welt déngt? Wann nee, wéi eng Konsequenze wëll d'Regierung dann aus där Erkenntnes zéien? Wa jo, wéi wëll d'Regierung dat argumentéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 8 février 2021

**REÇU**
*Par Christine Wirtgen , 16:23, 08/02/2021*

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet:** **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, et de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n°3431 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand KARTHEISER au sujet des « relations avec les États-Unis ».**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire n°3431 du 12 janvier 2021 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, a vum Här Aussen- an Europaminister op d'Fro n° 3431 vum 12. Januar 2021 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser**

1. **Kann d'Regierung déi Neiegkeet aus der New York Times confirméieren? Wa jo,wéi beurteelt d'Regierung dës Entwécklung am Hibléck op déi amerikanesch-lëtzebuergesch Relatiounen?**

D'Regierung kann déi Neiegkeet aus dem New York Times Artikel net confirméieren.

2. **Ass de lëtzebuergeschen Ambassadeur an den USA an de State Department convoquéiert ginn oder gouf et an iergend enger anerer Form en diplomatesche Protest vun den USA géint déi zitéiert Aussoe vum Lëtzebuerger Ausseminister?**

De Lëtzebuerger Ambassadeur an de Vereenegte Staaten ass net an de State Department convoquéiert ginn an et gouf och keen aneren diplomatesche Protest vun de Vereenegte Staate géint déi zitéiert Aussoe vum Lëtzebuerger Ausseminister.

3. **Ass d'Regierung solidaresch mat den Aussoe vum Lëtzebuerger Ausseminister? Consideréiert d'Regierung den Här Trump als e „Verbriecher"?**

Et gëtt e kloren Zesummenhang tëschent dem Här Trump sengen Aussoe wärend senger Amtszäit a besonnesch no de Wale vum 3. November 2020 bis den Dag vum 6. Januar 2021, an der Gewalt déi sech deselwechte 6. Januar am Kapitol ofgespillt huet an déi Mënschen d'Liewe kascht huet.

4. **Ass d'Regierung sech bewosst, datt keen anert europäescht Land an där Form op déi rezent Tëschefäll zu Washington reagéiert huet?**

D'international Communautéit ass sech eens dass d'Evenementer vum 6. Januar ronderëm de Kapitol e graven Ugrëff op d'Fundament vun der Amerikanescher Demokratie duergestallt hunn. Lëtzebuerg setzt sech ëmmer staark fir demokratesch Wäerter, Mënscherechter an de Rechtsstaat an, an eis Reaktioun op d'Insurrektioun huet dat refletéiert.

5. **Ass d'Regierung der Meenung, datt déi Manéier, wéi de Lëtzebuerger Ausseminister dacks Positioun ergräift a sech ausdréckt, den Interessie vum Lëtzebuerger Land an der Welt déngt? Wann nee, wéi eng Konsequenze wëll d'Regierung dann aus där Erkenntnes zéien? Wa jo, wéi wëll d'Regierung dat argumentéieren?**

D'Membere vun der Regierung schaffen enk zesumme fir gemeinsam d'Interessie vun eisem Land ze verdeedegen. Den Ausseminister spillt eng wesentlech Roll an der Vertriedung vun de Lëtzebuerger Interessien no baussen an huet di voll Ënnerstëtzung vun der ganzer Regierung fir säin Asaz.